



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Juni 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir d'Gläichberechtigung tëscht Mann a Fra, un d'Madamm Gesondheitsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

Säit 2017 ginn ënnert dem Hashtag MeToo weltwäit sexuell Iwwergrëff op Fraen ugeprangert. Dës Debatt huet mëttlerweil och zu Lëtzebuerg eng gewësse Resonanz kritt. Dobäi gëtt oft iwwersinn, datt och vill Männer Affer vun Alltagssexismus ginn. Fir déi eng ass MeToo eng positiv Entwécklung, vill Leit kritiséieren awer, datt ënner deem Stéchwuert stroferechtlech Handlung wéi Vergewaltigung mat verbalen Entgleisungen oder anere méi liichte Forme vun enger eventueller sexueller Belästigung gläichgesat ginn an datt d'Männer allgemeng ënner Generalverdacht gestallt ginn.

Datt fraerechtlech Revendicatiounen a leschter Zäit op d'mannst u verbaler Radikaliséierung a Virulenz gewonnen hunn, dat bezeien Aussoe wéi „Kee Gott, kee Staat, kee Patriarchat!“, déi op ëffentleche Plazen ze liese sinn, mee och z.B. den Instagram-Account @catcallsofluxembourg, wou all Dag zu enger Penaliséierung vum sougenannte „Catcalling“ opgeruff gëtt.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamme Minister:

- 1) Wéi ee Männerbild vertritt d'Regierung? Ass d'Regierung der Meenung, datt déi radikalisiert Ausdrocksweis, déi een a feministesche Kreeser ëmmer méi fënnt, de Relatiounen tëscht Fraen a Männer déngt?
- 2) Wéi steet d'Madamm Minister zu där Tatsaach, datt och Männer kënnen Affer vu sexuellen Iwwergrëff sinn? Ginn et bei der Regierung Iwwerleeungen, an Zukunft och den Alltagssexismus géint Männer méi staark ze thematiséieren an unzeprengeren?
- 3) Ginn et bei der Regierung Iwwerleeungen, fir dee sougenannte „Catcalling“ hei am Land ze penaliséieren?
- 4) Leien der Regierung Donnéeë vir, wat Männer betrëfft, déi am Kontext vu sexuellen Uschëllegungen onschëlleg ugeklot oder diffaméiert goufen oder déi sech souguer suicidéiert hunn, wéi dat an anere Länner de Fall war?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten



Jeff Engelen
Deputéierten